



Seul le discours prononcé fait foi

Nationalfeierdag 2021
Offiziell Zeremonie beim MNSL
Ried vum S.A.R. le Grand-Duc

Här Chamberpresident,
Här Staatsminister,
Léif Eiregäscht,
Léif Matbierger,

Haut, op Nationalfeierdag, sti mir hei, erëm am klenge Krees, virum Monument national de la solidarité luxembourgeoise. D'Symbolik vun dëser Platz ass méi aktuell wéi jee.

Mat der Covid-19 Pandemie huet eis Welt sech radikal verännert. An der Lutte géint déi Pandemie gouf ëmmer versicht déi richteg Balance ze fannen tëschent de Rechter a Fräiheeten vum Eenzele, an der Aufgab all Matbierger vun eiser Gesellschaft ze schützen. Als Natioun hu mir bewisen, datt mir solidaresch sinn an datt mir e laangen Otem hunn, datt mir op d'Zänn bäisse kënnen am Intressi vun der Allgemengheet. Doriwwer kënnen mir all houfreg sinn.

Eis Spideeler konnten trotz extremer Belaaschtung duerhalen, an zesumme mam onermiddlechen Asaz vun allen Acteuren am Gesondheetsberäich, sin esou vill Liewen gerett gi.

An trotzdeem ass de Bilan ganz schwéier: eleng bei eis am Land hu mir bis haut 818 Mënschen verluer déi duerch, oder mam Virus gestuerwe sinn. Loosst eis eng Minutt an der Stëll un si denken. Ech bieden lech dofir opzestoen. [**Minute de Silence**] Merci.

Zesummen matt der Grande-Duchesse an eiser Famill wëll ech och all dene Leit, déi e léiwe Mënsch verluer hunn, eist perséinlecht Bäileed ausdrécken. D'Ëmstenn vun der Pandemie si grausam an hunn eis dacks emol net erlaabt, richteg Äddi ze soen. Dat mécht eis immens traureg a mir fille mat lech.

Méi spéit am Joer wäert d'Regierung eng Cérémonie organiséieren fir un d'Affer ze erënneren a fir déi ze éieren déi sech an der Gestiou vun dëser Pandemie speziell ervir gedoen hun.

Léif Leit alleguer,

Wéinst dem Virus liewe mer säit ville Méint reduzéiert, am Ralenti: manner sozial Kontakter, manner Erliewen, manner Genéissen. D'Pandemie huet eiser Gesellschaft, mee och Europa an der Welt, de Spigel virgehalen. An do gesäit ee Schéines, wéi grenziwwergräifend Solidaritéit, a manner Schéines wéi Populismus an Onwourechten, deenen ee keng Glafwierdegkeet schenken däerf. Wichtig ass, weider positiv ze bleiwen an op Fakten an op d'Wourecht opzebauen.

Technesch an digital Léisungen goufen enorm séier verbessert an ausgebaut, onkonventionell Léisungen goufe gesicht an zougelooss. Haut besti vill méi Méiglechkeete vir eist Liewen ze organiséieren, wéi mir et nach virun kuerzem geduecht hunn: home-schooling, home-office oder online Konferenzen hunn eng nei Dimensioun kritt.

An der Wirtschaft hu mir gesinn, dass Globaliséierung net d'Léisung fir alles ass, an dass donieft eng lokal, regional an europäesch Produktioun vun essentielle Produkter immens wichtig ass, fir an enger Kris séier kennen ze reagéieren.

Mir gesinn elo verschidde Beruffer mat aneren Aen well eis bewosst ginn ass datt eis Gesellschaft, besonnesch a Krisenzäiten, ouni si net fonktionéiert. E grouse Merci un sie alleguer. Mir brauchen awer och Solidaritéit mat deenen, déi ganz gäre wëllen, awer nach net kënne schaffe goen, oder just am Mode réduit aktiv kënne sin.

Mir brauchen eng gesond Wirtschaft. Donieft brauchen mir d'Kultur an de Sport, fir inspiréiert an am Austausch mat aneren ze liewen!

An eppes sollte mir net vergiessen: d'Natur brauche mir fir iwverhaapt ze liewen! Vill vun eis hu während de leschte Méint d'Natur erem nei entdeckt, an hunn de Wert vun enger intakter Umwelt nei kenne geléiert. Dofir musse mir dës Geleeënheet notze fir eis Liewensweis méi nohalteg ze gestalten. Et ass mei drengend wéi je.

Léif Matbierger,

Wat de Vaccin ugeet waren déi europäesch Institutiounen dacks an der Kritik. Jo, et ass ze vill lues ugelaft, awer d'Approche, zesummen als Europa ze handelen, war richtig. Soss wäire mir weltwäit an der Impfcampagne nach net do wou mir haut sinn. Ett ass remarkabel wat Wessenschaftler an der Biomedizin a manner wéi engem Joer gelescht hun vir e Vaccin ze entweckelen. Hei zu Lëtzebuerg, huet d'COVID-19 Task Force déi ganz Expertise vun de Forschungsinstituter an den Dengscht vun eisem Gesondheetssystem gesat. Alle Bedeelegten en groussen Merci fir hieren Asaatz.

Mir musse awer och Solidaritéit weisen, an deenen hëllef, déi et vill méi schwéier hun wéi mir. D'Populatiounen vu manner entwéckelte Länner hunn och e Recht drop, sou séier wéi méiglech de Vaccin ze kréien. Sie brauchen eis Ennerstétzung. Hinnen ze heleffen, ass och an eisem Intressi.

Léif Leit alleguer,

De Virus huet eis geléiert, Gewunnechten ze iwwerdenken, an eis domadder auserneen ze setzen, waat wichteg ass am Liewen. Loosst eis d'Chance ergräifen, dat ze gesinn, wat wierklech zielt: Mënschlechkeet, Solidaritéit, Toleranz, Respekt. Dat sinn d'Valeuren op déi mir weider opbauen mussen, fir am Fridden an eisem Land, an Europa an an der Welt liewen ze kënnen.

Ofstand halen ass am Moment wichteg, et däerf awer net zu engem Auserneefalen vun der Gesellschaft féieren. Dank der Impfung, an ärer grousser Bedeelegung un deem Effort, däerfe mir äis als Mënschen nees méi no kommen. Dat brauche mir alleguer. Mir sin um gudde Wee a sollen lo nët noloossen.

Léif Matbierger,

D'nächst Joer ginn et 60 Joer, datt mir den Nationalfeierdag um 23. Juni feieren. Meng grouss Hoffnung ass déi, datt mir dann nees richtig feiere kënnen. Alleguer zesammen!

Mat der Grande-Duchesse an eiser Famill wënschen ech lech all, trotz Covid, e schéinen Nationalfeierdag.

Vive Lëtzebuerg! Vive Europa!